déi Lénk

Léiwe Member, Léiw(e) Sympathisant*in,

Queesch duerch Europa si lénk Parteien a Beweegungen am Opwand. Déi Entwécklung gëllt et weider ze stäerken, och zu Lëtzebuerg. Nodeem déi Lénk an de leschte Joeren elektoral däitlech gestäerkt goufen an och personell opgestockt hunn, gëllt et déi Dynamik an alle Beräicher vun déi Lénk weider ze dreiwen an auszebauen, fir zukünfteg Erausfuerderungen zesumme besser ugoen ze kënnen. Dobäi ziele mir op däin Engagement an déng Iddi'en. Du kanns dech op verschiddenen Niveau'en an zu villen Theme bei déi Lénk engagéieren an abréngen:

Mat entscheeden. Mell dech an d'National Koordinatioun vun déi Lénk.

All Joer gëtt um Kongress vun déi Lénk eng nei National Koordinatioun gewielt, déi da fir déi nächst 12 Méint d'politesch Entscheedungen op nationalem Plang ausschafft. Do dernieft ass d'National Koordinatioun - kuerz NaKo - och fir déi allgemeng Koordinatioun vun der politescher Aarbecht vun déi Lénk responsabel, am Zesummespill mat eise Vertrieder an der Chamber an de Gemengeréit.

D'Memberszuel vun der NaKo ass net no uewe begrenzt, all Kandidat*in, déi um Kongress iwwer 25% vun de méigleche Stëmme krit, ass gewielt. Déi aktuell NaKo huet insgesamt 40 Memberen. D'NaKo trëfft sech am Prinzip eemol am Mount owes um 19 Auer fir eng Reunioun vu circa zwou Stonnen. Wann et néideg ass, kënnen d'Reuniounen och a méi kuerzen Zäitofstänn stattfannen. Op deenen Treffe ginn an der Regel maximal zwee gréisser politesch an/oder organisatoresch Themen diskutéiert. No all Reunioun gëtt e Rapport geschriwwen, deen all Member geschéckt krit. All Member vun der NaKo engagéiert sech dozou sou oft ewéi méiglech un de Reuniounen deelzehuelen.

Op all éischter Reunioun nom Kongress wielt d'NaKo fir déi nächst 12 Méint zwee Spriecher*innen an de Koordinatiounsbüro. De Koordinatiounsbüro - kuerz BuCo - setzt sech maximal aus 11 Leit zesummen, trëfft sech eemol d'Woch an ass, an Zesummenaarbecht mam Personal, fir déi méi alldeeglech politesch, administrativ a soss organisatoresch Froen zoustänneg.

Wann's du politesch an déi Lénk matschaffe wëlls, dann ass d'National Koordinatioun déi richteg Plaz fir dech. Et geet duer um Kongress deelzehuelen an eng Kandidatur ze stellen.

Mat ausschaffen. Mell dech an eng thematesch Aarbechtsgrupp.

D'Aarbechtsgruppe vun déi Lénk gi vun der Nationaler Koordinatioun agesat a sinn hir géigeniwwer responsabel. All Member oder Sympathisant*in kann awer eng Aarbechtsgrupp iwwer e gewëssene Sujet virschloen.

D'Aarbechtsgruppe stinn all Interesséierten op, et muss een net Member oder Sympathisant*in vun déi Lénk sinn. Expert*in muss een och net sinn. Et geet duer Interesse um Thema ze hunn an e gewëssent Engagement un den Dag ze leeën.

D'Aarbechtsgruppe ginn entweder vun engem Mataarbechter vun déi Lénk oder engem Member vun der NaKo coordinéiert. Se treffen sech an der Regel all 4-6 Wochen. Déi diskutéiert Theme ginn entweder vun der NaKo oder vum Aarbechtsgrupp selwer festgeluecht.

All Aarbechtsgrupp suivéiert d'politesch Aktualitéit op sengem jeeweilege Gebitt, schafft Positiounen a Pressematdeelungen aus an ënnerstëtzt - wann néideg - d'parlamentaresch Aarbecht.

Folgend Aarbechtsgruppe fonctionnéieren den Ament:

Logement: dësen Aarbechtsgrupp huet d'Campagne iwwer d'Wunnen ausgeschafft an ass aktuell mat der Ëmsetzung befaasst. Kontakt: eric.weirich@dei-lenk.lu

déi Lénk

Klima/Ecologie: e rezent an d'Liewe geruffenen Aarbechtsgrupp, deen eis Positioun fir d'COP21 ausgeschafft huet, an sech lo mat der lëtzebuergescher Klimapolitik befaasst. Kontakt: steve.biver@dei-lenk.lu

Economie: d'AG Economie leet aktuell de Schwéierpunkt op d'Steierreform a schafft d'Géigekonzept vun déi Lénk aus. Kontakt: sveinn.graas@dei-lenk.lu

Gemengen: d'AG Gemengepolitik ass e Forum fir d'Koordinatioun vun eise gemengepoliteschen Initiativen a fir d'Diskussioun iwwer wichteg lokalpolitesch Themen. Kontakt: steve.biver@dei-lenk.lu

Educatioun: Hei läit de Schwéierpunkt aktuell op de vun der Regierung proposéierte Reformen (Bsp.: Autonomie, Wäerteunterrecht...). Donieft gëtt op der Sproocheproblematik an der Inclusioun an eise Schoule geschafft. Kontakt: lars.schmitz@dei-lenk.lu

Relations internationales: dëse Grupp beschäftegt sech engersäits mat wichtegen internationalen Themen an hält anerersäits de Kontakt mat anere lénke Parteien an Organisatiounen am In- an Ausland. Kontakt: comminter@dei-lenk.lu

Migratioun/Antirassismus: Dësen Aarbechtsgrupp gëtt nei gegrënnt a soll Konzepter ausschaffen, fir deenen ëmmer méi staarke rietse Stréimungen an Europa awer och hei zu Lëtzebuerg, virun allem am Kader vun der sougenannter "Flüchtlingskris", eppes entgéintzestellen..

Lokal matschaffen. An enger bestoender oder neier Sektioun.

An enger Rei vun de gréisste Gemengen am Land sinn déi Lénk mat enger Sektioun vertrueden. Dat ass de Fall an der Stad Lëtzebuerg, zu Esch, zu Diddeleng, zu Déifferdeng an zu Suessem. Donieft hu mer eng Sektioun Norden, déi den Ament de ganze Bezierk Norden ofdeckt. Wann's du an enger vun dëse Gemenge wunns oder awer aus enger direkter Nopeschgemeng kënns, kanns du dech bei der entspriechender Sektioun mellen. Doduerch kriss du d'Méiglechkeet iwwer gemengepolitesch Theme matzediskutéieren an do, wou mer an de Gemengeréit vertruede sinn (an alle Sektiounen, ausser am Norden), politesch Initiative mat auszeschaffen.

<u>Kontakter vun de verschiddene Sektiounen:</u>

info.norden@dei-lenk.lu
info.sanem@dei-lenk.lu
info.esch@dei-lenk.lu
info.luxembourg@dei-lenk.lu
info.dudelange@dei-lenk.lu
info.differdange@dei-lenk.lu

Wann's du an enger Gemeng wunns, wou et aktuell keng Sektioun vun déi Lénk gëtt, an du bereet wiers, beim Opbau vun enger Sektioun matzeschaffen - natierlech mat Ënnerstëtzung vum Personal a Membere vun anere Sektiounen - da mell dech roueg bei eis:

sekretariat@dei-lenk.lu

D'Gemengewalen 2017 komme schnell méi no. Si sinn e gudde Moment fir eis op lokalpoliteschem Plang weider ze vergréisseren a méi vun eise Memberen a Sympathisant*innen an déi aktiv politesch Aarbecht mat anzebezéien.